N° 8320
Entrée le 18.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8320 vum 15. September 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wéi eng Dokumenter muss een am Viraus ufroen, fir dierfe säi medezinesche Cannabis mat an d'EU-Ausland ze huelen? Wou freet een dës un?*

Fir mat medezineschem Cannabis, wéi mat all aner medezineschem Betäubungsmëttel[1] och, ze reesen, gëtt geroden folgend Dokumenter bei sech ze hunn als Patient:

- Eng Kopie vun der Verschreiwung,
- Eng Attestatioun vum Verschreiwer déi bestätegt, dass de betraffene Patient mat medezineschem Cannabis a Behandlung ass.
- En Zertifikat vun der Gesondheetsdirektioun ënnerschriwwen.

Déi entspriechend Zertifikater sinn op der Internet-Säit vun der Santé ze fannen: (https://sante.public.lu/fr/espace-citoyen/dossiers-thematiques/m/medicaments-humains.html ).

Fir an d'EU-Ausland mat Cannabis ze reesen, wier den *Certificat pour le transport de stupéfiants et/ou de substances psychotropes dans le cadre d'un traitement médical - États Schengen* vum Patient a sengem Dokter auszefëllen, a mat enger Kopie vun der Verschreiwung un d'Gesondheetsdirektioun ze schécken:

- per Email : infostupefiants@ms.etat.lu
- per Post: Division de la Pharmacie et des Médicaments
  2a rue Thomas Edison, L-1445 Strassen

*2. Wéi eng Dokumenter muss een am Viraus ufroen, fir dierfe säi medezinesche Cannabis mat an Drëttlänner ze huelen? Wou freet een dës un?*

Fir an Drëttlänner ze reesen, zielt dat selwecht, allerdéngs ass do de *Certificat international pour le transport de stupéfiants et de substances psychotropes dans le cadre d'un traitement médical* ze notzen.

*3. Wat muss ee beuechte beim Mathuele vum Cannabis?*

Medezinesche Cannabis ass am Ausland net iwwerall als Medezin/Medikament ugesi, an och net iwwerall erlaabt; et soll een sech am Viraus informéieren (bei auslänneschen Gesondheets-Autoritéiten) op medezinesche Cannabis als solchen erlaabt ass, mat deene néidege Pabeieren. Et gëtt Patienten ugeroden sech am Viraus bei der Fluchgesellschaft ze mellen (wann mam Fliger gereest gëtt).

[1] Folgend de *Guidelines for national regulations concerning travelers under treatment with internationally controlled drugs* (https://www.incb.org/documents/Psychotropics/guidelines/travel-regulations/Intl_guidelines_travell_study/12-57111_ENG_Ebook.pdf )

*4. Wat ass déi beschten Ulafstell, un déi Concernéierter sech kënne wenden, ier se fort ginn?*

Bescht Ulafstellen, wou Concernéierter sech kënne mellen, iert se fort ginn sinn folgend:

- d'Gesondheetsdirektioun zu Lëtzebuerg (infostupéfiants@ms.etat.lu)
- déi auslännesch kompetent Autoritéiten vum Destinatiounsland
- déi betreffend Ambassade vum Land vun der Arees

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2023

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert